CSV Dippech

Betten •
Dippech •
Sprénkeng •
Schuller •

Mee 2010

Op de Punkt

Kontakt- an Informatiounsblat vun der CSV Dippech
Ënnert der Responsabilitéit vun der CSV Sektioun Dippech

Fréijoersfest

Wéi all Joer hunn déi lokal Sektiounen vun der CSV a vum LCGB op hiert traditionnellt Fréijoersfest agelueden. Och dëst Joer war d'Manifestatioun den 11. Abrëll zu Dippech am Kulturzenter e vollen Erfolleg, souwuel wat d'Presenz vun den Awunner aus der Gemeng betrëfft wéi och de Besuch vun Deputéierten, Buergermeeschteren an Leit aus den Nopeschsektiounen um Aperitif.

Beaucoup de monde à la fête populaire du printemps

A l'instar des années précédentes, les sections locales du CSV-Dippach et du LCGB-Dippach avaient invité à leur traditionnelle fête du printemps. Cette manifestation qui a eu lieu le 11 avril au Centre Culturel de Dippach était une fois de plus une belle réussite aussi bien par le nombre de visiteurs que par la présence d'un grand nombre de députés, bourgmestres et responsables des sections de la circonscription sud du CSV.

CSV on TOUR

No dem Premier Jean-Claude Juncker senger Interventioun an der Chamber stinn iech eis Mandatairen, Ministeren an Deputéiert Ried an Äntwert zur „Lag vun der Natioun"

Kommt an diskutéiert mat!

Méindeg, de 17. Mee zu Lénger (Gemeng Käerjeng) am Centre sociétaire

Dënschdeg, den 18. Mee zu Ettelbréck am Gemengesall

Mëttwoch, den 19. Mee zu Zéisseng am Centre Culturel

Donneschdeg, den 20. Mee zu Rued-Sir am Syrkus

Ufank ëmmer ëm 19.30 Auer

Weider Informatiounen op csv.lu

Maison Relais fir Kanner an Ausbau vun der Primärschoul

Eng vun de Prioritéiten vun der aktueller CSV-Majoritéit aus dem Dippecher Gemengerot ass de Bau vun enger Maison Relais an den Ausbau vun der Primärschoul zu Schuller. D'Maison Relais fonctionnéiert jo schon säit dem 15. September 2009 an erfëllt all aktuell Besoinen, mee dës Lokaler sinn nëmmen gelount a provisoresch.

An der neier Maison Relais wëlle mir an enger éischter Phase 150 Kanner ophuelen, woumat mir eng konfortabel Reserve hunn. Fir d'Schoul sinn 8 Klassesäll geplangt, dobäi kommen awer nach Säll fir spezifesch Zwecker (Musek, Bastelen, Kichen) an awer och nach zousätzlech Mehrzwecksäll, déi z.b. fir Moralunterricht, Gruppenaarbechten, Elterebespriéchung, kënne genotzt gin. Et gëtt einfach ze deier fir e Sall fir all Zweck ze reservéieren, deen 90 % vun der Zäit net genotzt gëtt, an dofir sinn dës Mehrzwecksäll virgesinn.

Glécklecherweis hat déi al LSAP-DP-Majoritéit och mam Dossier vun der neier Schoul vill Zäit gebraucht fir ze plangen an nach net mat dem Bau ugefaangen, well dësen iwwerdimensionnéiert war an zesummen mat dem Zoufahrtswee deen si geplangt haten, vill ze deier gi wier, an déi Dippecher Gemeng an e finanzielle Fiasko gefouert hätt. An doduerch hätte vill aner Projeten, wéi z.B. d'Erneieren vun eise Lotissementer an den Ausbau vum Gasnetz net kënnen an Ugrëff geholl ginn (wat d'LSAP-DP-Majoritéit jo och lénks leien gelooss huet). Mir hunn de gesamte Komplex geplangt; gebaut gëtt awer momentan nëmmen dat wat och wierklech gebraucht gëtt. An dat sinn op Siicht vu wéinegstens 15 Joer 8 Klassesäll (fir ee ganze Zyklus aus der aktueller Primärschoul eraus ze kréien an d'Containeren z'eliminéieren) an eng Maison Relais fir 150 Kanner, wat eis iwwerall eng konfortabel Reserve bréngt.

Wann dat eng Kéier net méi sollt duergoen, da kann op eis Pläng zréckgegraff ginn an etappeweis Klassesäll an och Säll fir d'Maison Relais nogebaut ginn. Domat bréngen mir et fäerdeg déi finanziell Situatioun am Grëff ze behalen an och mëttelfristeg dat ze realiséieren wat muss gemaach ginn. Mir bauen also den aktuelle Besoinen no a maachen keng onnëtz an ongerechtfertegt Ausgab.

Site internet CSV Dippach:
www.dippach.csv.lu/

Maison Relais pour Enfants et extension de l'école fondamentale

L'une des priorités de l'actuelle majorité CSV du Conseil Communal de Dippach est la construction d'une Maison Relais pour Enfants et l'extension de l'école fondamentale. La maison relais qui est en service depuis le 15 septembre 2009 suffit actuellement aux besoins, mais les locaux en question sont en location.

Dans une première phase, nous prévoyons d'accueillir 150 enfants dans la nouvelle maison relais, ce qui nous permettra de disposer d'une bonne réserve. L'extension de l'école fondamentale comportera 8 salles de classe, des salles à usages spécifiques (musique, travaux manuels, atelier cuisine pour élèves …) ainsi que des salles à usages multiples comme pour l'éducation morale et sociale. Nous pensons qu'une partie des locaux peut servir aussi bien aux besoins de la maison relais, qu'à ceux de l'école fondamentale. Nous pouvons faire des économies en ne construisant pas en double.

Heureusement que la majorité LSAP – DP n'avait pas commencé les travaux, parce que les structures et les chemins d'accès auraient été de loin surdimensionnés et nous nous serions retrouvés avec des bâtiments mal utilisés et une dette difficile à combler. D'autres projets comme la rénovation de lotissements et l'extension du réseau de gaz naturel n'auraient pas été exécutés ce qui était d'ailleurs l'intention de l'ancienne majorité LSAP – DP. Nous disposons d'un plan d'ensemble (avant-projet sommaire), mais nous ne construirons que ce qui est nécessaire pour les 15 ans à venir, soit 8 salles de classes. Nous pourrons ainsi éliminer les classes installées dans des conteneurs et disposerons d'une bonne réserve.

Une fois que l'infrastructure existante ne suffira plus, nous pourrons construire les salles manquantes, que ce soit pour l'école ou pour la maison relais, le tout conformément au plan d'ensemble déjà établi. La situation financière restera ainsi dans un cadre acceptable tout en nous permettant de réaliser à moyen terme les autres infrastructures nécessaires. Nous construisons donc pour les besoins d'aujourd'hui.

Erneiren vun de Lotissementer Galgebierg an Haard mat dem Ausbau vum Gasnetz

D'Erneieren vun de Lotissementer Galgebierg an Haard mat dem Ausbau vum Gasnetz wat mir an eisem Wahlprogramm versprach haten, si mir amgaangen duerchzeféieren. Am Galgebierg um Dippecherbierg hunn d'Aarbechten Mëtt Mäerz ugefaangen. Wat elo d'Haard zu Betten betrëfft, do hu mir d'Pläng fir d'Erneieren vum Stroossennetz de 25. Februar den Awunner virgestallt an den définitive Projet, deen sech op 3,1 Milliounen Euro beleeft ass den 29. März am Gemengerot eestëmmeg ugeholl ginn. Soubal déi administrativ Hürde geholl sinn, kënne mir mat den Aarbechten ufänken.

Rénovation et gaz naturel aux lotissements Galgebierg et Haard

Une remise à neuf de l'infrastructure routière du lotissement Galgebierg à Dippach et du Domaine Haard à Bettange s'impose. Dans le programme électoral, le CSV-Dippach avait promis de faire effectuer ces travaux et tiendra promesse! A côté des travaux de rénovation de pratiquement toutes les infrastructures, l'entièreté de ces lotissements sera raccordée au gaz naturel. Les travaux ont débuté à la mi-mars dans la rue des Romains au Galgebierg.

Différentes alternatives quant à l'aménagement du Domaine Haard avaient été discutées lors d'une réunion publique avec les habitants concernés en date du 25 février dernier. Lors de la dernière réunion du conseil communal, le projet définitif de la rénovation a été voté. Les travaux se chiffreront à 3 100 000 € et seront entamés dès que la procédure administrative sera terminée et que les conditions climatiques le permettront.

Lokal fir eis Pompjeeën an Gemengenatelier

De Projet vum Bau fir eis Pompjeeën a Gemengenaarbechter ass, ofgesinn vun e puer administrative Formalitéiten, déi mir hoffen och an den nächste Méint gereegelt ze hunn, fäerdeg fir am Gemengerot gestëmmt ze ginn.

Locaux pour les sapeurs-pompiers et pour la régie communale

Le projet de construction de nouveaux locaux pour les sapeurs-pompiers et la régie communale est en pleine élaboration. Il reste encore quelques détails à régler, mais nous espérons pouvoir approuver le devis définitif d'ici quelques mois.

Sport a Fräizäit

Fir d'CSV-Dippech huet de Sport eng wichteg Roll an eiser Gesellschaft, besonnesch fir eis Jugend. An dofir ënnerstëtze mir och eis Veräiner esou gutt et geet. De Fussballclub mat iwwert 200 Memberen, dovu méi wéi 100 Jugendlecher soll e syntheteschen Terrain kréien fir dass si bei all Wieder spillen an trainéiere kënnen, an dee groussen Terrain net mam Training futti maachen. Domat gëtt den Entretien insgesamt méi bëlleg. De Schäfferot huet d'Compromisen fir den Akaf vum néidegen Terrain, déi si mat de Proprietairen gemaach hunn, am Gemengerot vum 29. Mäerz ofseene gelooss. Dës sinn eestëmmeg ugeholl ginn.

Am Ausgang vun Schuller, a Richtung Duelem gëtt e Fouss-gänger- a Vëloswee gebaut fir de Leit ze erlaben beim spad-séieren méi sécher op d'Gewaan ëm de Schullerbësch ze goen.

Sports et loisirs

Pour le CSV-Dippach, le sport joue un rôle très important et cela surtout pour la jeunesse. Nous soutenons donc les associations autant que possible et entre autre le club de football qui compte plus de 200 membres dont plus de 100 jeunes. Nous envisageons de mettre à la disposition des joueurs de ce club, un terrain synthétique pour qu'ils puissent pratiquer leur activité quelle que soit la saison et sans abîmer le terrain existant lors des entraînements. Les derniers accords pour l'acquisition des terrains nécessaires ont été approuvés par le conseil communal dans sa réunion du 29 mars.

Un chemin réservé aux piétons et cyclistes sera aménagé dans les mois à venir, le long de la route qui mène de Schouweiler à Dahlem, pour améliorer la sécurité des habitants qui désirent se promener autour ou dans les bois de Schouweiler.

Generalversammlung 2010

Op eiser Generalversammlung huet eise President Jean-Paul Rischard sech erfreet doriwwer gewisen, dass hien déi zuelräich Memberen vun eiser Sektioun an awer och de Parteipresident, de Generalsekretär, d'Bezirkspresidentin aus dem Süden souwéi verschidden Deputéierten a Buergermeeschteren konnt begréissen. Duerno huet eis Sekretärin Monique Gentilini-Schaedgen e ganz detailléierte Bericht iwwert dat vergangent Joer gemaach. Eise Kessier Armand Kariger konnt e positive Bilan vum Joer 2009 maachen. Duerno huet eise Buergermeeschter Claude Bosseler déi politesch Aktualitéit aus eiser Gemeng kommentéiert.

Anschliessend huet de Parteipresident Michel Wolter verschidden laangjähreg Memberen geéiert fir 25, 40 an 50 Joer. De Generalsekretär Marc Spautz an och d'Bezirkspresidentin Sylvie Andrich-Duval hunn der Dippecher CSV fir hir gudd Aarbecht félicitéiert an hinnen all Guddes fir d'Zukunft gewënscht.

Assemblée Générale du CSV-Dippach

Jean-Paul Rischard, président du CSV-Dippach a eu le plaisir d'accueillir de nombreux membres de la section, mais également le président national, le secrétaire général national, la présidente de la circonscription sud ainsi que plusieurs députés et bourgmestres. Monique Gentilini-Schaedgen, secrétaire, a présenté un exposé exhaustif sur les activités de l'exercice écoulé. Armand Kariger, trésorier, a tiré un bilan financier positif de l'année 2009. Le bourgmestre, Claude Bosseler, a commenté l'actualité politique de notre commune.

Le président du parti, le député Michel Wolter a remis des distinctions et remercié les membres qui adhèrent au CSV depuis 25, 40 ou 50 ans. Le secrétaire général, Marc Spautz et la présidente de la circonscription, Sylvie Andrich-Duval ont félicité les responsables de la section locale pour le bon travail effectué et leur ont exprimé les meilleurs vœux pour l'avenir.

Den CSV-Comité, Sektioun Dippech

Jean-Paul RISCHARD
President

Alphonse DOMINICY
Vize-President

Claude BOSSELER
Vize-President

Monique SCHAEDGEN
ép. Gentillini
Secretaire

Armand KARIGER
Trésorier

Alain MAUSEN
Member

Carlo NEU
Member

Jacques PELTIER
Member

Gaby SCHAUL-FONCK
Member

Gilbert SONDAG
Member

Benoît THEISEN
Membre

Hubert VAN WISSEN
Member

André WEIS
Member

Erny WESQUET
Member

saint-paul luxembourg • Imprimé sur du papier recyclé Cyclus Offset